

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 18. Mäerz 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Lycée um Lampertsbierg hunn d'Schüler e Formulaire ausgedeelt kritt, dat mam Titel: **Attestation de consentement pour les classes en scénario 1 qui sont testées dans l'enceinte de l'école**. Déi betrafte Kanner krute vun hirer Regente gesot datt si dat Dokument, vun engem Elterendeel, ausgefëllt an ënnerschriwwe spéitstens um Freideg 19. Mäerz mussen ofginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister:

1. Wat ass déi legal Basis vun dësem Dokument?
2. A wat fir enge Lycéeën oder Schoulen ass dëst Dokument ausgedeelt ginn?
3. Wat geschitt mat deene Schüler wou d'Elteren net averstane sinn hiert Averständnis ze ginn datt hir Kanner an der Schoul getest ginn?
4. Um Dokument steet net wien dat Dokument erausginn huet. Wann et de Schoulministère war, stellt sech d'Fro ob dat a Koordinatioun mat der Santé geschitt ass?
5. Firwat ass dat Dokument nëmmen an enger Sprooch, nämlech op Franséisch?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3874 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Dëst Dokument freet d'Averständnes vun den legale Vertrieder vun de Schüler, fir de Fall, datt e PCR-Test an der Schoul vu mobillen Testequippen ugebuede gëtt. Den Asaz vun den Testequippen ass am Zenario 1 vum Dispositif sanitaire (Stufepiang) vum Educatiounsministère definéiert, a gesäit vir, datt all Schüler vun der Klass kann an der Schoul getest ginn, an dat 6 Deeg nodeem e positive Fall an der Klass opgetrueden ass. Dësen Test berout um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet a gëtt opgrond vun enger Ordonnance duerchgefouert, déi vun der Direktioun vun der Santé ausgestallt ginn ass. Den Test gëtt op der Basis vum *Règlement grand-ducal du 5 mars 2021 modifiant le règlement grand-ducal du 10 février 2021 fixant les conditions de réalisation des tests de dépistage ou diagnostique de l'infection par virus SARS-CoV-2* duerchgefouert.

Ad 2)

Dëst Dokument ass an alle Schoulen a Lycéeën ausgedeelt ginn.

Ad 3)

Schüler, deenen hir Elteren hiert Averständnes net ginn, kréien eng Ordonnance ausgedeelt, fir sech an engem Laboratoire testen ze loossen.

Ad 4)

Den Educatiounsministère huet dëst Dokument a Koordinatioun mat der Direktioun vun der Santé erausginn, dëst am Kader vum Dispositif sanitaire, deen an de Schoulen an de Lycéeën applizéiert gëtt.

Ad 5)

Aus zäitleche Grënn ass d'Dokument en enger éischter Phas just op Franséisch verfaasst ginn; meng Servicer schaffen un deenen néidegen Iwwersetzungen.